Journée de la Commémoration nationale
Atert-Lycée Réiden
15. Oktober 2023 - 14.30 Auer

Ried vum Guy Dockendorf

(1) Grad an dësen Deeg wou d'Hamas Terroristen Israel iwwerfall hunn a wou am Lycée Gambetta zu Arras de franséische Professer Dominique Bernard ëmbruecht ginn ass, grad an dësen Deeg erënnere mer un d'Sënnlosegkeet vu Gewalt a vu Krich.

Mir sinn eis bewosst, sou wéi de Generalsekretär vun der UNO, den Antonio Guterres et schreiwt datt och d'Kricher Regelen hunn an (Zitat) *: Le droit international humanitaire et des droits de l'homme doit être respecté et défendu; les civils doivent être protégés et ne jamais être utilisés comme boucliers* .

An esou Momenter wou een un der Mënschheet kënnt verzweiwelen solle mer eis un déi Mënschen erënneren, déi am 2 Weltkrich, hei am Land an op der ganzer Welt, sech géint den Haass gewiert hunn a géint den Nazi-terror opgestan sinn an hir Wäerter vu Solidaritéit, Respekt, Dialogbereetschaft geliewt hunn.

(2) Dofir ass d'Journée de la commémoration nationale, déi mer haut hei am Atert-Lycée zu Réiden feieren, e wichtegen Dag. Hei huet sech eng ganz Schoul, Schülerinnen a Schüler, personnel administratif an technique, Enseignants an Direktioun d'Wuert ginn fir esou vill wi méiglech Temoignagen ze bréngen. Dat ass geliewte Geschicht! Hannert all Témoignage steet e Mënsch, mat sengen Ängschten an Hoffnungen. Fir dat e bësse festzehalen, hu mer, wéi all Joer, eng kleng Brochure erausginn.

Dëst Joër hu mer esou e Räichtum vu verschiddenen Dokumenter,Témoignagen, Lidder, Podcasts, Videoclips, Ausstellungsmomenter kritt, datt se nët integral an d'Brochure passen.

Den Atert-Lycée Réiden huet och hei innovativ geschafft an optimal d' Méiglechkeeten vun hirem Site Web ausgenotzt. Dofir fannt Der bei villen Texter den Hiweis, datt Der de QR Code sollt uklicken an da kommt Der op hir Websäit mat villen zousätzlechen Informatiounen.

(3) Wéi kann een d'Erënnerung un dat wat geschitt ass waakreg halen? Ma genau esou, wéi Dir et hei maacht: doduerch, datt een deenen, déi de Krich erliewt hunn, eng Stëmm gëtt, hinnen d'Méiglechkeet gëtt ze erzielen wéi si et erliewt hunn. D'Schüler-innen hu mat hiren Enseignants hir Famill gefrot fir *Témoignage* ze ginn. Doriwwer eraus bréngen si op eng vielfälteg Aart a Weis och Témoignage vu Reesen a Konzentratiouns- a Vernichtungslager.

(4) Doduerch, datt een d'Problemer mam Numm nennt, kann een et fäerdeg bréngen se ze meeschteren. E fréiere politesche Prisonnéier aus dem KZ Mauthausen, e Frënd vu mengem Papp, huet op d'Fro wéi en dat Schrecklecht wat en am KZ erliewt hat ka meeschteren gesot, datt en, zanter, datt e mat jonke Leit a fréier Konzentratiounslager fiert an do mat jonke Leit ka schwätzen. Gedenkaarbécht ass a bleiwt eng Therapie an eng Härzensugeleeënheet.